



Vu ‚Mondart‘ bei Schrëftsprooch

Natierlech war d'Letzebuergesch einfach eng ‚Schwätz‘, am Sënn vum Wuert also eng Mond-Art, iert mir déi éischt geschriwwe Säiten an eiser Sprooch begéinen... wien hätt et dann och gelies? Et guffe mat Sécherheet jo keng 5% vun den Awunner vum deemolege Herzogtum/Groussherzogtum, déi bannent enger Schouldier waren. Wa mir déi sozial Émstänn bedenken, da gëtt dat engem séier kloer; et wier jo och net vu Muttwëll, des Joere vun eiser Geschicht emol zerguttst op de Leescht ze huelen. Also hat dat, wat d'Leit geschwat hu keng schrëftlech Chance... bis mir dann an den 1820er Joeren e puer ganz rar Zeilen an enger Zeitung fannen, iert 1829, dat alleréischte Bichelchen op Letzebuergesch erauskënnt; ‚Buch‘ ass vill gesot: 14,5x 9 cm, d'Gréisst vun enger Postkaart an d'Déck vun engem Zigarettebichelchen. Den Titel

vum Lex Roth



(e Schrek op de Letzebuerg Parnassus) huet op dat Bannescht gepasst, wéi e Suedel op e Mubauz; den Dicks huet herno an deem Sënn gereimt: Kuck wou s de stees a wien s de bas, den Zolwer Knapp ass kee Parnass; zwar méi spët fir de Michel Lentz geméint, ower den Edmond de la Fontaine huet seng ‚Pappenheimer‘ kannt!

Bannent deem wichtege Joerzängt fanne mir dann ower d'Geburtsjoere vun dräi Leit, déi eiser Sprooch an de Suedel gehollef hunn: Meyer, Lentz, Dicks, Rodange... also vrun 200 Joer! Deemo kënne mir jo (lues!) soen, datt eng pur ‚Mondart‘ sech vrun zwee Joerhonnerten op de Wee gemaach huet, fir op eng Sprooch lasszedabberen. Wann de Jacques Diedenhoven (*1809/Bidgang no Conter) net duerch d'politesch Émstänn ‚ausgewandert‘ wier, hätt mir e véierten ‚Dafpäter‘ fir déi wibbeleg Sproochelche gehat.

Et ass sech deemno net ze verwonneren, datt mir dann och no an no dichteg Sproochspezialiste fannen (z.B. Felix Thyges, Nik.Welter, Engemann, Tockert, Hess, Bruch...), déi d'Letzebuergesch vun enger anerer Säit op d'Schreif gehol hunn. Et kënnt ee bal am Verglach soen, eis Sprooch hätt sech ‚entpuppt‘ wéi e Päiperlek aus enger Larv, deen haut op all Manéier an ëmmer méi schéin an d'Fileke schléit. Et gëtt knapps eng ‚Mondart‘ op der Welt, déi sech mat esou vill gedréckte Wierker Loft fir bei de klengen Nobeltitel ‚Sprooch‘ mécht. Si erfëllt haut jidfer Condition fir – **toutes proportions gardées** – bei déi Idiom gerechent ze ginn, déi de ‚Sproochtitel‘ zegutt hunn: Literatur- Dictionnaire – Schoul – juristesche Fong – Administratioun asw.

Wien erënnert sech (altersméisseg) dann nach drun, wat d'Letzebuergesch war, iert et an de fofzeger Joeren eng Stonn Letzebuergesch op RTL-Mëttelwell guff, wéi Leit wéi de Pol Leuck, deen sech op Letzebuergesch ëm eis Zaldote ‚bekëmmert‘ huet; wéi an de 60er Joeren e komplette Programm an eiser Sprooch op ‚JKW/Kanal 18‘ ageféiert ginn ass an duerno déi éischt Stonnen TV an eisem Idiom? An du kumme mir bei déi méi nei Elektronik: RTL.lu ass eng Bommechance fir déi geschriwwen Alldaagssprooch, fir d'Gewunnecht, eist geschriwwent Letzebuergesch an d'Aen, an domat an **d'Ënnerbewosstsin** ze kréien... psychopädagogesch eng immens Hëllef... leider ower: wéi ‚wëssenschaftlech‘ ass dat?

Datt eis Sprooch dann haut ower och nach op wëssenschtlechem Plang sou eng wichteg Roll spillt, ass souzesoen ‚net mat Geld ze bezuelen‘. Si huet hir fest Plaz op der UNI, e formidabelen ‚Zenter fir d'Letzebuergesch‘, e Regierungscommissaire, Dossende vu Coursën um INL an uechter d'Land! Da geet et dach net domat duer, déi Tatsaache bei engem Geleënheetspatt op den Aarm ze huelen. Mä, elo hat ech ower bal déi 70 Joer Aarbecht vun eiser Actioun-Letzebuergesch iwwergang; mä wéi sténg et dann, ouni hirt 50 Joer laangt Gewudders? Bestëmmt esou, wéi ëm 1970... an dat war wierklech, nom 10. Oktober 1941, schummeswert!!!

Vill Spaass beim Iwwersetzen ☺

De Vic ass e Stura.
Ech hu Bloderen ënnert de Féiss.
Et bäisst mech wéi geckeg.
Kraz dech net éimeg.
Looss dat ënnerwee.
Du keefs dir geschwënn eng.
Mir hunn äis futti gelaacht.
Bei him geet et duerch de graffe Beidel.
Heibanne méffert et.
Hal dech elo net drun.
Laf séier dorobber.
De Menn ass geditzt wéi e Kaweechelchen.
Ech krut dacks eng ferm gewéitscht.
Gëff dech elo mat dengem Jäizen.
Hal de Bak, soss kriss d'eng dran!
De Fons ass e gelungene Stëppeler.
De Claude huet sech gutt druginn.
Kierp un deer aler Carretta.
Kallefséiercher si gutt mat Moschterzos.
Brot är Träipe kruppseg.
Gebootschte Grompere passe bei Wäinzossiss.

‚Eise‘ REENERT... 150 Joer!

Dat éischt Letzebuergesch Buch, vun deem ee ka soen, et wier eng Zort ‚Klassiker‘, ass dem Michel Rodange säi Reenert; iwregens och vun Doktoratsaarbechten ënnermauert! Mir fannen d'Grundthema an d'Personagen ower ewell am héige Mëttelalter a bis bei de Goethe. Mä dem Rodange säin Déierenepos ass am Fong an an der Form wäit vun deene ‚Fabelsynthesen‘ ewech. Déi ‚Reynard‘ a ‚Reineke‘ – Epen hunn hire Fong beim Charakter an den Naupe vun den Déiren, déi do als Mënschen oprieden: deer Gudder, Schlechter, Hannerlëschtger, Falscher, Naiver, Topeger, Schrecklecher, Staarker, Schwaacher... deer mir jo nun emol och bei de Mënsche begéinen. Iwregens gëtt knapps drop opmierksam gemach, datt ‚eise‘ Reenert déi éischt Fuussegeschicht ass, déi klasesch rhythméiert a gereimt ass; och dat gehéiert emol iwwerluecht...

Dem Rodange, eisem éischte wierklech authentischen Dichter säi geniale Worf war et, d'Fuussegeschicht an déi Zäit ze setzen, déi säi leider ze kuerzt Liewen ausgemaach huet, an zwar sozial an historesch. Ouni zerguttst en Donst vum leschten Drëtzel vun eisem 19. Joerhonnert ‚drop‘ ze hunn, ass iwregens beim Reenert eng déck Partie net ze verstoen. Ganz daitlech fanne mir d'Ongerechtheet am Allgemengen an d'Gefor fir d'Land erëm; vun der Politikerei net ze schwätzen; hien huet selwer drënner gelidde, sech ower seng romantesch Oder bäibehalen, wat sech kloer an sengem ‚Léierche‘ weist! Bei allem, wat hien auszehalen hat, liest een am Rodange sengem Wierk keng Verbattertheet eraus; hie war, trotz senger kleesperer Gesondheet, éischter lëschtger an ausgeglach. Et ass längst an hire Schreiwereie bewisen, datt seng ‚Kollegen‘ Dicks a Lentz hie besser kannt hu wéi si et wouer wollten hunn; ower hie war op all Manéier e ‚klenge Männchen‘, jo ‚nëmmen‘ Schoulmeeschter a fir déi zwéin ‚décker‘ Häre just dem Schouster vu Waldbëlleg säi Jong.

Stong... ower op d'mannst een Träppel iwver hinnen, an säi Reenert iwver allem, wat den Här Riichter an den héige Conseiller aus dem Staatsministère opweises haten. Déi zwéi waren (sinn och nach) méi ‚populär‘ wéi de Méchel... si sollen dat och bliwen... ower dem Rodange gehéiert d'Goldmedail!

Den Handy

Wéivill Prozent vun de Leit hei am Land hunn en ‚Handy‘? Et hätt ee besser ze froen, wéivill der keen hunn. Et kann een och dovun hale wat ee wëllt; wann net domat iwverdriwwen gëtt, huet dësen ‚Téléphon‘ dem soziale Liewen eng aner Dimensioun ginn... eiser Sprooch mat Sécherheet!

Bicher liesen ass natierlech gutt; Letzebuergesch privat an offiziell; Zeitungen an Annonce suergen dofir, datt eis Sprooch an d'Ae geet; den Handy ass souzesoen den ‚Hummer‘! Et ginn all Dag Dausenden SMS vu Letzebuergesch fir Letzebuergesch hin an hier... domat gëtt et net deen allermannsten Zweiwel, datt eis Mammesprooch ganz kloer net méi verschwanne kann an d'Schreifgewunnecht nun emol eng... Gewunnecht gëtt a bleift.

Gewëss: Et kann ee sech seng Gedanken iwver eng Zort ‚Verfriemung‘ vun eisem Idiom maachen, mä do huet jidderee vun äis d'Méiglechkeet fir eng butzeg ‚Verantwortung‘ ze iwverhuelen. Firwat soll den Handy do net kënnen eng Roll spillen?

Ganz wichteg: Sief et bei engem SMS oder engem Lieserschreiwes op der TV, d'Sprooch ass d'Haaptsaach, net d'Schreifweis; dat wäert sech an en etleche Joeren och besser entwéckelen... well déi ‚Jonk‘ si mat bessere ‚Letzebuergesch-Gewunnechten‘ opgewuess. Natierlech och duerch den... Handy!

Net apaart wichteg, mä...

Mir hunn den ‚Zock‘, fir eng ganz Partie eenzel Wierder oder Ausdréck direkt déisäit Our-Sauer- Musel ze gesinn... ouni driwwer nozedenken oder äis ze wonneren, datt et just EISES ass an zesoen net op Däitsch/ Franséisch ze iwwersetzen. Huelt emol sou ‚Spläitère‘ wéi dës:

*Tommel dech- maach virun- fläiss dech- begann dech- hou dech- dajee hopp...

*(net grad fein) Knaschtert- Flappes- Bëlles- Klatzkapp- Stura- Haui- Rabbelkapp- Klunnes- queesch Zatz- verhouerte Kärel- Muurtrëppeler- Faschtert- Trëllert - Fatzert...

Dat ass natierlech alles wéi net wëssenschaftlech.. mä en Deel vun eiser Sprooch!

Intressant. Mä schued!

Mir si bestëmmt dat Land, wou normalerweis all Kand vun 10-12 Joer schoulméisseg mat 3 Sproochen ze din huet... bei enger Majoritéit kënnt d'Englescht da ganz séier donieft. Natierlech ass dat och eng vun den Ursaachen, datt mir ganz fréi duerch dat ‚Sproochgekrëmmels‘ an eiser Sprooch net aus däitschen, franséischen oder englesche Schinnen erauskommen, wa mir bis dragerutscht sinn. Well d'Letzebuergesch nun emol, wéi d'Däitscht, d'Hollännescht, déi skandinesch Sproochen e germaneschen (net däitschen!) Idiom ass, flutsche mir d'meescht doran a komme schlecht eraus. Dat huet näischt mat fir oder géint eng aner Sprooch ze din; an eiser Sproochsituatioun läit dat nun emol zevill no! Dofir féinnt ee leider och esou krommenoleg Commentaire schrëftlech op eisem RTL... schued! Professionell ass dat ower net!